



Jonk Demokraten fuerderen Boykott vu Sotchi

Am Kader vun den ëmmer méi staarken Protester géint d'Aart a Weis ewéi d'russesch Autoritéite mat der Oppositioun an Minoritéiten ëmginn, begréisst d'JDL d'Entscheidung vun verschiddeenen auslänneschen Staatscheffe fir net bei den Olympeschem Spiller zu Sotchi präsent ze sinn. Och déi rezent Entloossunge vu politesche Gefaangenen dierf net doriwwer ewechtäuschen, datt d'Autoritéiten a Russland géint dat eegent Vollek virginn.

D'Jonk Demokraten fuerderen d'Regierung an den Haff dozou op demonstrativ vun der Erëffnungs- a Schléissungszeremonie ewech ze bleiwe fir e kloren Message un d'russesch Presidence ze schécken an dëst och kloer esou z'argumentéieren.

D'JDL ass entsat ewéi de Kreml säit Jore géint Oppositioneller, Manifestanten an Minoritéiten innepolitesch virgeet an och a senger Noperschaft, ewéi lo an der Ukraine, Armenien oder Moldawien, versicht de Wonsch no Fräiheet, Demokratie a Solidaritéit ze blockéiere fir antiquéiert sowjetesch Muechtstrukturen oprecht ze erhalen.

Dëst entsprécht net den Olympeschen Idealer an scho guer net engem modernem opene Land. Onse Message ass ganz kloer: Lëtzebuerg soll d'Spiller vu Sotchi boykottéieren.

De Comité National vun de Jonken Demokraten